PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
20 MARS 2019
533

Lëtzebuerg, den 20/03/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kommunikatioun a Medien & Bildung weiderzeleeden.

Aktuell organiséiert de Ministère fir Bildung eng Réi vun Diskussiounsowenter mam Numm *Bildung am Dialog*. D'Zil vun dësen Diskussionsowenter ass mat de Bierger am Land iwwert de lëtzebuergesche Bildungssystem ze diskutéieren. Fir dësen Zweck huet de Ministère eng Publicitéit lancéiert fir op dës Diskussiounsowenter opmierksam ze maachen an anzelueden. D'Publicitéit gëtt, ënnert anerem, um Radio iwwerdroen, an dem Här Minister Meisch säin Numm e puer Mol direkt erwäänt gëtt. Dëst stellt d'politesch Neutralitéit vun dëser Publicitéit gewëssermoossen a Fro.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- 1. Opgelëscht no Plattform (Radio, Telé, Social Media), wat sinn d'Gesamtkäschte vun der Werbecampagne fir d'Diskussiounsowenter vu *Bildung am Dialog*? Wéi ee Ministère dréit dës Käschten? Wéi ee Budget ass dofir virgesinn?

- 2. Aus wéi enge Grënn huet den Här Minister Meisch bei dëser Werbecampagne decidéiert, säin Numm an all Spot erwänen ze loossen? Ass den Här Minister der Meenung, dass d'Mentionnéiere vu sengem Numm an dëser Campagne als Publicitéit fir seng eege Persoun kéint ze wäerte sinn? Falls jo, sollt dës Publicitéit an dem Fall net éischter vu senger Partei finanzéiert ginn?

- 3. Här Minister fir Kommunikatioun a Medien, wat sinn d'Bedéngungen, fir dass ee Minister säin Numm an enger Werbecampagne däerf placéieren? Existéiere fir Regierungsmembere Reegelen, déi hir Präsenz an de Medien am Kader vun hirem Mandat definéiert? Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 20 mars 2019

Objet : Question parlementaire n° 533 du 20.03.2019 de Monsieur le Député Marc Goergen - Publicité lancée par le Gouvernement

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés